Rapport vun der Generalversammlung vum 14. Abrëll 2022 am Restaurant vum LPEM

Ufank : 19.10 h

Vum Comité ware present : Bressanutti Alphonse (President a Sekretär), Biever Jean (Vize- President), Thill Roger (Tresorier,Webmaster a Verwalter vum Fichier), Beidler Mike, Braun Mike, Kirsch Siggy, Ley Luc, Marco Streff, Thill Daniel
Net do an entschëllegt :Costantini Tessy, Herrmann Joe, Kohn Jean – Jacques, Kolber Jeannot,

Desweideren ware present :

Mme Martine Berchem, Directrice
Cornelius Steve, Attaché à la Direction

Begréissung vum President :

De Präsident begréisst all déi Leit, déi et derwäert fond hunn op eis Generalversammlung ze kommen, dat sinn der dëst Joer 24, an dass no 2 Joer Restriktiounen (Covid) eng flott Versammlung kann ofgehale ginn.
Vun de Scouten, Comité Culturel an Elterevereenegung war kee Vertriede dobai.
E Merci un Direktioun fir hier Ënnerstëtzung.
De Kach kritt och een décke Merci fir seng Aarbecht : Buffet froid an Desserten, déi wéi gewinnt ganz gutt geschmaacht hunn, wéi mir no der Versammlung konnten feststellen.
Uschléissend bedankt hien sech och bei de Memberen vum Comité, speziell den Thill Roger den nom Dout vum Laux Néckel bereet war de Posten vum Tresorier unzehuelen an och dem Streff Marco als Tresorier-adjoint, fir hier Aarbecht iwwert d'ganzt Joer.
Uschléissend freet de Präsident eng Gedenkminutt fir un all eis verstuerwen Memberen ze denken.

Aktivitéitsbericht Exercice 2021

Et goufen 3 Comitéssëtzungen ofgehalen, an zwar :
20.1.2021 / 10.2.2021 alle béid als Videokonferenz, 20.10.2021
2 Infoblieder goufen verschéckt
Februar Generalversammlung Amicale iwwer Bréifpost
31.3. Generalversammlung CoCu Videokonferenz
14.7. Remise Certificats am Tramsschapp
D'Amicale huet un 2 Élèves méritants en Don vu jee 100 € gemaach.
19.11. Generalversammlung Scouten
Grouss Aktivitéit no der Iwwerschwemmung vum 15. Juli

Keesebericht vum Tresorier THILL Roger

Fir d'Joer 2021 : Recettes : 348 €, Dépenses : 701,07 €, e Minus vun 353,07 €
Recettes : Don a Cotisatioun, Dépenses :Registre ASBL, Dons, Site Internet Lux-Hosting, Assurance, Frais BIL an CCP, Divers
D'Keeserevisore Legille Pierre an Urbani Georges hunn Kees kontrolléiert a kee Feeler fond.
Si froen Decharge fir den Tresorier déi d'Generalversammlung accordéiert.
D'Cotisatioun bleift op 7 €

D'Keeserevisore Legille Pierre an Urbani Georges si bereet weider ze fueren.

Neiwalen vum Comité

Austriedend an erëm wielbar waren :
Biever Jean, Kirsch Siggy, Streff Marco, Thill Roger
Si alleguerten goufen vun der Generalversammlung bestätegt
De neien Member Molitor Bert gouf ebenfalls vun de Generalversammlung bestätegt.
Wéi an de Comitéssëtzung festgehalen gouf de Kolber Jeannot, wëll hien net present war, net proposéiet.

Aktivitéiten fir 2022

24.9.2022 Visitt vum Schiefermusée zu Marteleng.
Aus finanzielle Grënn gëtt kee Bus organiséiet.

Fräi Aussproch

Hei gouf iwwert d'Raschpëtzer zu Walfer geschwat wat kënnt eng spéider Visitt ginn.

Schlusswuert vum Direktrice Madame Martine Berchem

Seet der Amicale Merci fir dat Engagement wat si zanter Joren fir d'Schoul mécht a wënscht hir vill Succès vir Zukunft. Sie erklärt wat un der Formation an de Schoul ugebuede gëtt an domat Villes geännert huet.

Schluss : 19.45 h

Uschléissend : Patt Crémant an duerno Buffet froid, Wain roud a wäiss, Kaffi an Dessert